



# SÉANCE 26

MERCREDI,  
9 MARS 2011

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydie Polfer, Vice-Président

## Sommaire

1. Dépôt d'un projet de loi
  - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
2. Débat d'orientation sur le projet de programme national de réforme du Grand-Duché de Luxembourg dans le cadre de la stratégie «Europe 2020»
  - Exposé: M. Alex Bodry
  - Débat: M. Lucien Thiel, M. Fernand Etgen, M. Henri Kox (dépôt d'une motion), M. Jacques-Yves Henckes, M. André Hoffmann, M. Marc Spautz, M. Robert Weber, M. Fernand Boden
  - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
  - Motion 1: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
3. Heure d'actualité du groupe DP sur l'aide à l'enfance
  - Exposé: M. Eugène Berger
  - Débat: M. Mill Majerus, Mme Lydie Err, Mme Viviane Loschetter (dépôt d'une motion), M. Jean Colombero, M. André Hoffmann
  - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration (Mme Viviane Loschetter et M. Eugène Berger posent des questions)
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
  - M. André Hoffmann (motive son abstention)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Jeannot Krecké, Nicolas Schmit, Marco Schank et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

D'Madame Familljeministesche Marie-Josée Jacobs.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**- Merci, Här President. Duerch Arrêté vum 16. Februar 2011 huet de Grand-Duc mir erlaabt, hei den

- *Projet de loi n°6261 modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement*

ze déposieren.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Ech ginn Akt vum Dépôt vum dësem Projet de loi.

Als éischte Punkt vum eisem heitegen Ordre du jour hu mer eng Orientéierungsdebatt iwwert de Programme national de réforme du Grand-Duché de Luxembourg dans le cadre de la stratégie «Europe 2020». D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Thiel, Etgen, Kox, Henckes, Hoffmann, Spautz, Weber a Boden. Als Éischten hiere mir den Här Alex Bodry als President vun der Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire, déi dës Orientéierungsdebatt ugefrot huet. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

### 2. Débat d'orientation sur le projet de programme national de réforme du Grand-Duché de Luxembourg dans le cadre de la stratégie «Europe 2020»

**Exposé**

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 10. Juni 2010, also viru gutt néng Méint, huet dës Chamber, deemools och opgrond vun enger Demande vun der Wirtschaftskommission, eng éischt Debatt ronderëm déi europäesch Entwécklungsstrategie „Europa

2020“ gefouert. Dat war kuerz virun engem Europäesche Conseil, deen definitiv op europäeschem Plang d'Ziler an d'Prozedure ronderëm „Europa 2020“ festgeluecht huet.

Et war dat eng éischt Geleeënheet fir d'Parlament an och fir déi politesch Fraktiounen, iwwer eng öffentlech Debatt zu där allgemenger Ausriichtung, zu den Zilsetzung vum där Lissabonner Nofolgestrategie ze diskutieren.

An der Tëschenzäit ass deen Dossier net stoe bliwwen. An der Tëschenzäit ass de Prinzip vum „Europäesche Semester“ definitiv festgehale ginn. Et ass eng Reform vum europäesche Stabilitéitspakt a Preparatioun, an dat alles soll zu engem System vu Bewäertung, vu Recommendationen an eventuell vu Sanktiounen féieren, dat am Zeeche vun enger méi staarker Koordinéierung vum de Wirtschaftspolitik an Europa, besonnesch an deene Länner, déi zu der Europäescher Währungsunion gehéieren. A viru Kuerzem, Métt Januar, huet d'Kommission och schonn en éischten Tëscherapport virgeluecht - d'Europäesch Kommission - am Kader vum de järeliche Wuesstumsprognosen iwwert de Fortgang vum där „Europa 2020“-Strategie.

Mä loosse mer, ier mer op 2020 kucken, e Bléck zrëckwerfen op d'Joer 2000, wou zu Lissabon déi sougenannte Lissabonner Strategie gebuer ginn ass, déi dat éiergäizeg Zil hat, Europa zu där kompetitivster, zu där dynameschster Wirtschaftseconomie an der Welt bis zum Joer 2010 ze maachen.

D'Resultater vum där Lissabon-Strategie sinn, dat muss ee soen, éischer bescheide bliwwen. Och wann ee kann d'Circonstance atténuante gëlle loossen, doduerjer dass eben an de Joren 2008 an 2009 eng riseg weltwäit Finanz- a Wirtschaftskris och iwwer Europa eragebrach ass, wat natierlech seng negativ Effeten och op déi Zilsetzung vum där Strategie hat. Mä et muss ee feststellen, dass déi Relance, déi am Joer 2005 nom Rapport Kok probéiert ginn ass, fir déi Strategie op méi Beschäftegung a méi Wuesstum ze achsieren, gréisstendeels verpufft ass.

Ech kann also hei nëmmen déi Kritik widerhuelen, déi mer schonn d'lescht Joer bei der Debatt ubruecht haten, déi doranner besteet, dass ee vermësst, dass op europäeschem Plang eng seriö, eng déif gräifend, eng selbstkritesch Analys gemaach ginn ass vum dem relativen Échec vum der Lissabon-Strategie.

Si wierklech duerch déi Strategie 18 Milliounen Aarbechtsplaze geschaf ginn, wéi d'Europäesch Kommission dat behaupt? Dat ergëtt sech aus der Additioun vum den Zuele vum 2000 bis 2008. Ass wierklech déi doten Entwécklung eleng op déi Strategie zrëckzuféieren? Dat schéngt mer net onbedéngt der Realitéit ze entsprechen.

De Bilan ass - ech hunn et gesot - éischer enttäuschend. D'Fuerschung an d'Entwécklung: Och deemools huet als Zil gegollt, dass déi sollten 3% vum PIB ausmaachen op europäeschem Plang. Dat Zil ass vum Europa verfeelt ginn.

D'Reduzéierung vum Aarmutsrisiko war och schonn en Zil, wat an der Lissabon-Strategie mat dra war. Den Aarmutsrisiko ass gewuess, zum Deel duerch déi Kris, während de Joren 2000 bis 2010. Och do huet d'Lissabon-Strategie also hiert direkt Zil verfeelt.

Ech mengen, et misst ee sech eens sinn iwwert de Constat, dass - an dat hate mer och hei opgrond vum engem Hearing gemeinsam als Chamber festgehale -, wat déi Lissabonner Strategie ugeet, déi europäesch Wuesstumsverdeelung net gerecht war. Europa huet Wuesstum kannt an deem leschte Jorzéngt, mä dat méi Wuesstum huet net dozou gefouert, dass déi sozial Ënnerscheeder méi kleng gi sinn. Dat méi Wuesstum huet net dozou gefouert, dass manner Leit aus der Gesellschaft ausgeschloss gi wieren. Am Géigendeel!

Dat muss eis allegueren interpellieren an dat misst jo eigentlech och dann, géif ech soen, eng Konklusioun sinn, déi mer mat eriwuerhuelen an dat neit Konzept vum der Strategie „Europa 2020“.

Wat gëtt elo virgeschloen? Op wat huet sech d'Kommission mat de Memberstate geeenegt op europäeschem Plang?

„Europa 2020“ soll eng Strategie fir en intelligent, en nohalteg, en inklusiiv Wuesstum sinn. Dat kléngt net schlecht: intelligent, nohalteg, géint d'sozial Exklusiv. Ech mengen, do si mer eis sécherlech iwwert déi Terme ganz schnell eens. Mä et muss een allerdéngs agestoen, dass, och wann d'Etikette changéieren, dann awer dat dote vum der Ausriichtung relativ staark nach erënnert un déi al Zilsetzung vum der Lissabon-Strategie, och wann dat der méi ware wéi elo hei; och wann dat e bësse méi diffus war a méi breet opgestallt war, wéi elo déi „Europa 2020“-Strategie probéiert, dat op e puer Schwéierpunkten ze konzentrieren.

Et stellt sech also och d'Fro, ob de Fait, well vill op Konkurrenz a Kompetitivitéit Wäert geluecht gëtt, ob sech hannendrun net awer och déiselwecht Politik weist, déi mer iwwer Jorzéngten an Europa kannt hunn, wou een awer mat Recht sech kann d'Fro stellen, och opgrond vum där Finanzkris, déi mer kannt hunn, ob déi Well vum Deregulierung, déi Well vu Liberalisierung, déi mer kannt hunn, ob dat deen eenzege richtige Wee war, ob mer do net deelweis e Schratt ze wäit gaange sinn, zumindest an einzelnen Domänen.

Alles dat, wéi gesot, hätt a mengen Aen zu enger kritescher Analys vum dem relativen Échec vum der Lissabon-Strategie gehéiert, mä Europa wollt keen Temps mort. Europa wollt net e Joer laang diskutieren; Europa wollt direkt un déi eng Strategie, déi ofgelaf war, eng nei Entwécklungsstrategie drop opbauen, an déi ass, sou schéngt et, och erëm opgebaut plus ou moins op deemselwechte Prinzipië wéi déi al Lissabon-Strategie.

Et ass also wichteg, dass - an do sollt, mengen ech, all Fraktioun och Positioun bezéien - mer et fäerdeg bréngen, dat war emol de Wunsch och vum dëser Chamber, dass mer déi dräi Piliere, déi een an där Strategie erëmfënnt, dee vum Wirtschaftlechen, dee vum Sozialen an dee vum Ekologeschen, dass mer déi gläichberechtigt an der Ëmsetzung och erëmfannen, dass kee par rapport zu deem aneren en lwwergewicht kritt. Dat schéngt an eisen Aen eng ganz wichteg Viraussetzung ze sinn,

fir dass mer vläicht net déiselwecht Nieweneffete kréien, wéi mer se déi lescht Jore kannt hunn.

Et ass also wichteg, dass bei all deene Kritären net reng - géif ech soen - haart makroekonomesch Kritäre gëllen, mä niewent deenen och eng ganz Rei vum aneren Indicateure mat erugezu ginn.

Wat notzt et, och op europäeschem Plang, iwwert den Indicateur vum Bien-être ze diskutieren, wa mer weider mat deene klassesche makroekonomeschen Indicateuren ausschliesslech eng Bewäertung vum de Politiken duerchféieren? Do ass also, mengen ech, nach vill Aarbecht ze maachen, fir dass mer do erëm e gesond Gläichgewicht hinstellen.

Et fält och op, dass dat Konzept vum der Kommission „Europa 2020“ éischer vum der Patronatssäit op europäeschem Plang begréisst gëtt, während vu Gewerkschaftssäit op europäeschem Plang éischer skeptesch Téin zu där Strategie do geäussert ginn.

Duerfir nach eng Kéier: D'Suerg vum dëser Chamber sollt et scho sinn, eng korrekt Gewichtung vum deenen dräi Saile vum där Strategie ze gewährleeschten. Dat kënne mer zumindest maachen, wat den nationale Reformplang ugeet.

Wirtschaftlech Dynamik mat ekologescher Verantwortung a sozialem Fortschritt verbannen, dat misst eigentlech eise Wunsch sinn. Mir brauchen, do besteet keen Zweifel, Innovatioun; mir brauchen Innovationsgeescht an der Wirtschaft. Mir brauchen keng onnéideg Bürokratie, wat wirtschaftlech Aktivitéiten ugeet, mä mir müssen awer dat Ganzt koppele mat neien, dezenten Aarbechtsplazen, mat uerdentleche Léin, mat der Suerg ëm d'Erhaltung vum der Kafkraaft an ëm méi Chancégerechtigkeit an eiser Gesellschaft. Dat alles do muss mer ënner een Hutt kréien.

Duerfir gehéiert och an den Ae vu menger Fraktioun d'Zil vum der Vollbeschäftegung an de Mëttelpunkt vum der „Europa 2020“-Strategie, wéi eigentlech och virdru bei Lissabon jo och Wuesstum a Beschäftegung déi Grondausriichtung vum där Strategie - zumindest um Pabeier - ausgemacht hunn.

D'sozial Dimensioun vum der EU als zentralen Deel vum der europäescher Gesellschaft an hirem Modell muss also och iwwert déi Strategie daitlech gestäipt, jo souguer gestärkt ginn.

Et stellt sech och a priori d'Fro, ob d'Europäesch Union - fir emol d'Diskussion dorobber ze begrenzen an dësem Stadium - wéi awer och déi eenzel Memberstate sech gläichzäiteg Mëttele ginn, fir déi Ambitiounen, déi se an där Strategie festgeluecht hunn, och ëmzesetzen. Dat ass eng Fro, wou ech herno nach eng Kéier gären drop zrëckkommen, well et stellt sech d'Fro, ob zum Beispill dee bestehende finanzielle Kader vum der Europäescher Union, deen elo erëm an der Diskussion ass, fir erëm fest definéiert ze gi fir déi nächst Joren, ob deen europäesche finanzielle Kader duergeet, fir d'Haaptzilsetzung vum de Käritativen, déi jo eng Kompetenz vum der Europäescher Union sinn, an där Strategie och ze realisieren an termingerecht ëmzesetzen.

An et muss een natierlech och d'Fro stellen, wéi et zu Lëtzebuerg steet mat de finanziellen Mëttelen a budgetäre Mëttelen, fir eis national Ziler mat konkrete Moossname kënnen an engem gewëssen Zäitraum ëmzesetzen.

Glawierdeg, mengen ech, sinn d'Regierungen nëmmen dann, wann et fäerdeg bruecht gëtt, a voller Transparenz an och am Matabanne vum de Sozialpartner, vum de Parlamenten en direkte Lien hierzestellen tëscher deem nationale Reformplang Strategie „Europa 2020“, wou et also ëm Inhalter geet an einzelnen, wichtige Politikberäicher, mat dem Programme de stabilité et de croissance, deen d'national Länner sech mussen ginn, wou et ëm dee budgetären a finanzielle Kader geet vum deem Ganzen.